

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Medezinesch Rezepten hu jo eng begrenzten Dauer, wou si gëlteg sinn. Dat ass an deene meeschte Fäll eng gutt Moosnam fir Abusen ze verhënneren. Mee an enger Noutsituatioun, wéi d'Land si elo erlieft huet, kann et och negativ Konsequenzen hunn. Esou ass mir zougedroe ginn, datt z.B. eng Ordonnance fir bei de Kiné ze goen vun der Krankekeess net méi ugeholl gëtt well den Delai ofgelaf ass - onofhängeg dovun, ob d'Kinée während dem Confinement hunn duerfe schaffen oder net?

1. Ass den Ministère sech dëser restriktiver Ausleeung vun de Reegelen duerch d'Krankekeess bewosst?
2. Ass den Här Minister mat dëser Handhabung d'accord, déi fir de Patient onnéideg Käschten a Gerenns bedeit?
3. Ass bei esou enger Decisioun och beduecht ginn, datt et och fir eng routineméisseg Neiverschriewung vun engem ofgelafene Rezept schwéier ass, no Corona séier e Rendezvous bei engem Dokter ze kréien?
4. Handelt et sech hei ëm en Eenzelfall oder ass dat prinzipiell d'Positioun vun der Krankekeess?
5. Wär méi eng kulant Handhabung net och fir d'Krankekeess leschten Enns eng Erliichterung an hirer Aarbecht, déi an der Noutsituatioun jo sécher net manner ginn ass?
6. Si vun där restriktiver Ausleeung duerch d'Krankekeess nach aner Zorte Behandlungen betraff?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten